PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/10/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Energie weiderzeleeden.

Passagéier op verschiddene Garen an Arrêten hei am Land kënne vun engem gratis Wifi-Reseau profitéieren. Wéi de Minister op meng Fro n°4863 geäntwert huet, solle bis 2022 all d'Garen hei am Land mat gratis WIFI equipéiert ginn. Aner europäesch Transportgesellschaften, ob Zuch oder Bus, sinn do schonns e bësse méi wäit a bidden hire Passagéier eng Wifi-Verbindung u Bord un. De Minister hat och nach erkläert, dass aktuell just 23 CFL-Busse mat gratis Wifi equipéiert sinn an, dass laanscht d'Zuchstrecken d'Eisebunn ofhängeg vun der Entwécklung an der Netzversuergung duerch déi ëffentlech Operateuren ass, wat bedeit, dass d'Passagéier hei mol net kënne vun engem verlässleche 4G-Netz profitéieren.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Op wéi ville Buslinnen existéiert aktuell ganzdags eng verlässlech gratis Wifi-Verbindung, déi d'Gesamtlängt vun der Streck couvréiert?

2. Op wéi engen Zuchstrecken an op wéi enge Platzen existéiert aktuell keng Netzversuergung, déi den Empfang vu 4G erméiglecht? Wéi vill Kilometer Streck sinn insgesamt betraff?

3. Wäerten dës *Blind Spots* an Zukunft eng ausreechend Netzversuergung kréien a falls jo, bis wéini?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven

Député

GOERGEN Marc

Député